



MÉI NO. MÉI SUESSEM.

Eise Walprogramm



Our manifesto



DÄR HUTT **ET AN DER HAND!**

Déi lescht fënnef Joer hat d'CSV d'Geleeënheet d'Geschécker vun eiser Gemeng matzeleeden. Zënter de leschte Gemengewalen ass d'Nathalie MORGENTHALER 1. Schäffin an zënter Enn 2019 ass, wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, de Mike LORANG an de Schäfferot nogeréckelt.

Mat eise Memberen an de Kommissiounen hu mär vill Projeten ëmgosat an neier op d'Schinn gesat a mär hunn ëmmer eist Bescht gi fir d'Gemeng Suessem zu enger liewenswäerter Gemeng ze maachen.

D'Covid-19 Pandemie huet awer leider an där Zäit esou munches op d'Kopp gehäit: Pausen an doduerch Verspéidunge bei Schantercher, Liwwerenkpäss, Präisdeierechten... déi mär all ze spiere kritt hunn.

D'Auswierkunge vum Ukrainkrich, d'Energiekris, den Ëmwelt- a Klimaschutz, eng nohalteg Entwécklung... dat sinn alles Erausfuerderungen, deene mär eis als CSV och weider an der Zukunft wëlle stellen.

IT LIES IN YOUR HANDS!

For the past five years, the CSV has had the opportunity to actively participate in the management of our municipality. Since the last municipal elections Nathalie MORGENTHALER has been first alderwoman and since the end of 2019, Mike LORANG has taken over the function of alderman, according to the coalition agreement.

With our members in the different commissions, we have implemented a lot of projects and put new ones on track. We have always given our best to make of the municipality of Sanem a place worth living.

Unfortunately, the Covid-19 pandemic has slowed down our efforts: interruptions and ensuing delays on worksites, delivery lags, price increases.... problems which we have all encountered.

The consequences of the war in Ukraine, the energy crisis, environmental and climate protection, sustainable development... these are all challenges that the CSV is ready to embrace.



Nathalie
MORGENTHALER

Mike
LORANG

Den 11. Juni 2023 sinn déi nächst Gemengewale.

D'CSV trëtt mat enger breetgefächerter Equipe vu 17 héichmotivéierte Kandidat*innen un, déi sech mat Läif a Säil fir hir Gemeng engagéieren.

Et si 7 Fraen an 10 Männer mat ënnerschiddleche Beruffer an Interessien, aus eise véier Uertschafte vun der Gemeng, déi de Waldag een Altersduerchschnëtt vu 45 Joer hunn.

An dëser Broschür kënn Där noliese firwat d'CSV sech stuarkmécht an asetze wëll a ween déi 17 Fraen a Männer, déi hannert dësem Programm stinn, sinn.

Eis Equipe trëtt a fir eng proaktiv a solidaresch Kommunalpolitik, eng stuark an handlungsfäeg Gemeng, no bei de Leit an hiren Uleissen.

Mär wëllen eis weider asetzen, fir eis Gemeng nach méi effizient a méi biergerno ze maachen an d'Liewensqualitéit vun de Mënschen ze verbesseren.

D'CSV ass bereet fir weiderhi Verantwortung an eiser Gemeng z'iwwerhuelen, dëst aus Iwwerzeegung an Idealismus.

Schenkt eis Äert Vertrauen a mär schenken Äech eise ganzen Asaz fir eis Gemeng zeréck!

NATHALIE MORGENTHALER
1. Schäfte / 1. alderwoman
Spëtzekandidatin / top candidate

MIKE LORANG
Schäfte / alderman
Spëtzekandidat / top candidate

On June 11th, 2023 the next municipal elections will be held. The CSV Sanem presents a team of 17 highly motivated candidates ready to commit body and soul to the welfare of all their fellow citizens.

Our team is composed of 7 women and 10 men with different professions and interests, coming from the four villages of our municipality; on election day, their average age will be 45 years.

In this brochure you can read what the members of the CSV commit themselves to and you get to know our 17 candidates.

Our team stands for proactive and solidary municipal politics, strong, experienced and close to the people and to their concerns.

We want to continue working for an even greater efficiency of our municipality, always striving to be close to the people and to improve their quality of life.

The CSV is ready to carry on taking responsibility, both out of conviction and idealism.

Give us your confidence and we will give you in return all our energy for the well-being of our municipality.



Notre programme électoral



Nosso programa eleitoral

The Luxembourgish text is authentic.



MÉI NO. MÉI SUESSEM.

D'CSV ASS ENG GROUSS VOLLEKSPARTEI A STEET FIR E GANZE KOUP GRONDWÄERTER, FIR DÉI MÄR EIS OCH AN DER SUESSEMER GEMENG ASETZE WËLLEN.

Hei sinn déi wichtegst Grondprinzipien:

- Personalitéit: all eenzel Persoun steet am Mëttelpunkt
- Solidaritéit: géigesäiteg (Mat-)Verantwortung a (Mat-)Verpflichtung
- Subsidiaritéit: Eegeleeschtung a Selbstbestëmmung vun der Persoun un éischter Stell a vun der Gemeinschaft eréischt un zweeter Stell
- Allgemengwuel: dat perséinlecht Wuel vun all Eenzen an enger Gemeinschaft
- Nohaltegkeet: haut net op Käschte vu muar liewen

Zu all Ament steet d'Wuel vum Mënsch am Mëttelpunkt, onofhängeg vu senger Hierkonft, senger politescher Iwwerzeegung, sengem Glawen oder senger Orientéierung.

Fir dëst z'erreeche setze mär op Dialog, konstruktiv Zesammearbecht, globaalt Denken an Handeln.

Mär setzen eis a fir eng modern Politik, déi d'Viraussetzunge fir een harmonescht Zesummeliewe schafft, wou Jidderee seng Plaz a säi Gléck fënnt.

THE CSV IS A LARGE PEOPLE'S PARTY AND STANDS FOR NUMEROUS BASIC VALUES, VALUES WHICH WE ALSO WANT TO ADVOCATE FOR IN THE MUNICIPALITY OF SANEM.

These are the most important basic principles:

- Personality: every single person stands in the centre of our endeavours
- Solidarity: mutual (co-)responsibility and (co-)obligation
- Subsidiarity: self-efficacy and self-determination of the individual before that of the community
- Common welfare: welfare of each individual in a community
- Sustainability: not living today at the expense of tomorrow

At all times, the welfare of the individual is at the centre, regardless of origin, political conviction or faith.

To achieve this, we rely on dialogue, constructive cooperation, global thinking and acting.

We stand for modern politics that create the pre-requisites for a harmonious co-existence, where everyone finds their place and their happiness.



ÄR EQUIPE



Nathalie MORGENTHALER
1. Schäffin



Mike LORANG
Schäffen



Aurélie ANEN



Gaston ANEN



Eric BATTING



Nadja DIELS



Corrado FECCHI



Philippe KRÖGER



Anne LOGELIN



Jean-Claude
MAJERUS



Nicolas MELMER



Sónia
PEREIRA CANDEIAS



Paul POMANTE



Sandrine REUTER



Franca ROMEO



Tom SCHOCKMEL



Mike WENZEL

KLAR UND DEUTLICH **ERKLÄRUNGEN IN „LEICHTER SPRACHE“**

Warum sollen Sie am 11. Juni 2023 die CSV wählen?



Die CSV ist die größte Partei Luxemburgs.

Sie hat sehr viele verschiedene Mitglieder und Mitgliederinnen.

Die Mitglieder und Mitgliederinnen kennen die Probleme einer Gemeinde.

Zusammen suchen sie nach Lösungen, auch für Ihre Gemeinde.

Am 11. Juni 2023 sind die nächsten Gemeinde-Wahlen.

Sie können dann 17 Personen wählen.

Die 17 Personen der CSV haben gute Ideen für alle Menschen.

Egal ob sie jung oder alt sind.

Egal ob sie eine Behinderung haben oder nicht.

Egal ob sie die luxemburgische Nationalität haben oder nicht.

Wenn die CSV ihre Ideen umsetzt, geht es den Menschen nachher besser.

CLEAR AND EXPLICIT **EXPLANATIONS IN “EASY LANGUAGE”**

Why should you vote for the CSV on June 11th, 2023?

The CSV is the largest political party in Luxembourg.

It has a lot of members with different backgrounds.

The members know the problems of a municipality.

Together they look for solutions, also for your municipality.

On June 11th, 2023, the next municipal elections will take place.

Then you will be able to elect 17 people.

The 17 candidates of the CSV have good ideas for everybody.

No matter whether they are young or old.

No matter whether they have a handicap or not.

No matter whether they have the Luxembourgish nationality or not.

If the CSV realizes their ideas, people will have a better life afterwards.



LIEWEN AN ZESUMMELIEWEN

D’Kommunalpolitik muss fir een harmonescht Zesummeliewen tëschent all senge Bierger*inne suergen. Fir dëst ze garantéiere brauch een eng héich Liewensqualität a sämtleche Beräicher. D’Politik muss dofir suergen, dass all Mënsch kann esou liewe wéi en dat fir richtig fënnt. D’CSV wëll alle Familljemodeller entgéintkommen.

LIVING AND LIVING TOGETHER

The municipal policy must ensure a harmonious coexistence between all the citizens. To guarantee this, you need a high quality of life in each area. Politics must ensure that everyone can live as they see fit for themselves. The CSV wants to meet every family model.



KANNERGERECHT BETREIUNG AN INFRASTRUKTUREN

- De „Masterplan Bildung 2035“ progressiv ëmsetzen (Schoulen, SEA & Sportinfrastrukturen, inklusiv Schwämm)
- Schoulen, SEA a Crèche solle weider zesummebruecht ginn
- Iwwert eng zäitgeméiss Schoulorganisatioun (ev. mat ugepassten Ofleef), déi de Kanner gerecht gëtt, nodenken
- Spezialiséiert Hëllef ubidden, z.B. duerch de Service RASE (relais d'accompagnement socio-éducatif) oder d'Fondation Kannerschlass
- D'Gebaier vun der Schoul (mat de Schoulhäff) an dem SEA sollen um neiste pedagogesche Stand gehale ginn
- E Verkéiersguart an e Schoulhaff molen

D'KANNER OP HIERT ËMFELD SENSIBILISÉIEREN

- Themewochen a Formatiounen, och fir Elteren, Jugendlecher an d'Schoulpersonal, zu aktuelle Sujeten (Mobbing, Gewaltpreventioun, Internetsécherheet...) virgesinn
- Konscht a Kultur duerch Ubidde vun Atelieren (Musek, Theater, Bastelen...) entdecken
- D'Geschicht vun der Gemeng duerch d'Gadderhaus besser kennelieren
- Ausbau vun intergenerationell a -kulturelle Projeten
- Zesummearbecht mat de « Centres de compétences » ausbauen
- Integreatioun an Inclusioun an de Schoulen an an der Fräizäit virundreiwen
- Entwécklungshëllef entdecken
- E Projet „Bëschcrèche“ aféieren
- Ëmwelt- a Bildungszenter Matgesfeld weiderentwéckelen
- Praxisorientéiert Ëmwelterzéiung (Schoulgäert, Déieren, Mülltrennungsprojeten, Visite vun anere Site, z.B. enger Kläranlag...) grousschreiwen
- Lokal, regional, fairtrade a bio Produite méi no bréngen
- Sensibiliséierung op Nohaltegkeet an d'Kreeslafwirtschaft
- Austausch mat Nopeschgemengen intensivieren

OFFERING CHILD-FRIENDLY CARE AND INFRASTRUCTURES

- progressively implement the “Education Masterplan 2035” (schools, SEA and sports infrastructures)
- make sure that schools, SEA (former Maison relais) and crèches are located close to each other
- think about an up-to-date school organization (possibly with adjusted time-tables) which is fair to the children
- provide specialized assistance, e.g. with the help of the RASE service (relais d'accompagnement socio-éducatif) or the Fondation Kannerschlass
- keep the school buildings (including the school-yards) and the SEA up to date with the latest pedagogical standards
- paint a traffic garden in the school yards

MAKING THE CHILDREN AWARE OF THEIR SURROUNDINGS

- offer theme weeks and training sessions on current topics (bullying, mobbing, violence prevention, internet safety, ...) not only for children, but also for parents, young people and school staff
- allow the children to discover art and culture by offering different workshops (music, theatre, crafts, ...)
- make our children better understand the history and culture of our municipality in collaboration with the “Maison de la culture et de l'histoire – A Gadder”
- develop intergenerational and cultural projects
- intensify cooperation with the “centres de compétences”
- promote integration and inclusion in schools and in leisure time
- make children discover aid to developing countries
- launch a ‘forest nursery’ project
- continue developing the environmental and educational centre Matgesfeld
- promote environmental awareness (school gardens, protection of animals, waste sorting, visits to various



D'KANNER AN D'JUGEND OP HIR ZUKUNFT VIRBEREEDEN

- Informatiounen an Opklärung zur Politik ginn, Dialog/Austausch mat der „grousser“ Politik
- Stageplazen a Vakanzenjobs op der Gemeng ubidden
- Méi Léierplazen an eise Gemengeservicer ubidden
- En „Jobdag“ mat de lokalen Entreprises organiséieren
- Duerch Ateliers nei an atypesch Beruffer entdecken
- Nohëllefstonne fir schwach a Fërderung vu stuarke Schüler*inne proposéieren

FAMILL

- De Pedibus ausbauen, do wou et machbar ass
- Ofsécherung vum Schoulwee
- D'Betreiungsoffer beschtméiglechst un d'Demande vun den Elteren upassen (am Sënn vun de Kanner)
- Leit aus hirem „Isolement à domicile“ (Projet IRIS) huelen
- D'Hausaufgabenhëllef organiséieren, z.B. mat der Hëllef vun anere Jonker oder Senior*innen
- En Déierekierfecht plangen

- sites, such as a sewage treatment plant ...)
- promote the purchase and use of local, regional, fair-trade and organic products
- raise the awareness of sustainability and circular economy
- intensify exchanges with neighbouring municipalities

PREPARING CHILDREN AND YOUNG PEOPLE FOR THEIR FUTURE

- provide information and explanations concerning the functioning of political bodies and offer dialogue or exchanges with the political authorities
- plan internships and holiday jobs in the municipality
- provide more apprenticeships in our municipal services
- organize a 'job day' with local companies
- discover new and atypical jobs by means of workshops
- provide tutoring hours for weaker students and encourage strong students by offering extracurricular activities

FAMILY

- expand the offer of the Pedibus where it is conceivable
- assure the children's security on their school route
- adapt the child care offers as best as possible to the demands of the parents while taking into account the needs of the children
- avoid isolation at home (IRIS Project)
- organize support with homework, e.g. with the help of other young people and/or of seniors
- plan a cemetery for animals



FRÄIZÄIT FIR JIDDEREEN

- Héichwäerteg Infrastrukturen an der Natur ënnerhalen (Spillplazen, Parken...)
- Treffpunkten (tiers-lieux) ubidde fir een Austausch z'erméiglechen
- D'Jugendhaus weiderhin ënnerstëtzen
- Jidderengem, v.a. Senior*innen a sozial schwache Leit, bei der Digitalisatioun hëllefen
- Eeler Matbierger*inne motivéiere weider um ëffentleche Liewen deelzehuelen a sech an der Gesellschaft z'engagéieren
- Flott Aktivitéite fir eis eeler Matbierger*innen ubidden, iwwert de Club Senior Prënzeberg oder lokal Veräiner

FIR EN HARMONESCHT ZESUMMELIEWEN

- D'Resultater vun den Assisen (Sport, Kultur & Jugend) ëmsetzen
- De Pakt vum Zesummeliewe mat Bierger*innebedeelegung ëmsetzen
- Schafung vun abordablem Wunnraum
- Erhalen an Ausbau vun Uarbechtspulzen a sënnvolle Beschäftigungsinitiativen
- Ënnerstëtzung/Reintegratioun vu Leit ouni Uarbecht
- Duerfkäre mat Liewe féllen, ë.a. duerch d'Unzéie vu Geschäfte, Caféen...
- Öffnungszäite vum bestoende Muart a Liwwerservice (Epicerie op Rieder) méi attraktiv/bekanntmaachen
- Gemengeservicer wéi den „Ecrivain public“, de Ruffbus, de Service Senior+... méi bekanntmaachen
- De „Café des langues“ weiderféieren
- E Projet vun engem Méigeneratiounenhaus a „Betreit Wunne fir Jonker“ op d'Bee stellen
- Eise Seniore beschtméiglech Betreuingskonditiounen an eisem CIPA bidden

LEISURE FOR EVERYONE

- maintain high-quality infrastructure in nature (playgrounds, parks, ..)
- provide meeting-points (tiers-lieux) to enable exchanges
- continue supporting the youth centre
- help everyone, especially elderly and socially weak people, master digitalization
- motivate elderly citizens to continue participating and getting involved in public and social life
- offer interesting activities for our elderly citizens, either via the Club Senior Prënzeberg or local clubs

FOR A HARMONIOUS COEXISTENCE

- implement the results of the “assises” (plenary meetings on sports, culture and youth)
- realize citizen participation as planned in the “Pakt vum Zesummeliewen”
- create more affordable housing for our citizens with low income
- maintain and possibly increase the offer of jobs and endorse meaningful employment initiatives
- support unemployed people and help them reintegrate
- fill our village centres with life, for example by attracting shops, cafés, ...
- make the opening hours of the existing local market and delivery services (‘grocery on wheels’) more attractive and better known
- make people more familiar with municipal services such as the “écrivain public”, the “Ruffbus”, the “Service Senior+”
- continue organizing the “Café des langues”
- develop the project of a multi-generational house and of supervised housing for young people
- guarantee our senior citizens the best possible care in our CIPA (Centre intégré pour personnes âgées)



- D'Zougängelechkeet vun de Gemengeninfrastrukture verbessern
- Integratioun vu Flüchtlingen an auslännesche Matbierger*innen (Coursen, Invitatiounen op Fester...)
- D'Cotisatioun vu sozial schwache Leit an de Veräiner iwwehuelen
- De Benevolat mat alle Mëttelen ënnerstëtzen
- Weider Ënnerstëtzung vun der Solidarwirtschaft an innovative Projeten (z.B. „Eis Epicerie Zolwer“)
- Offer vu Bicherschief a ggf. Give-Boxen erweideren
- Fréier Metzlerlacher Kierch zu engem „Lieu de rencontres“ fir all Mënsch maachen
- Noperschaftsmediatioun asetzen, wou se gebraucht gëtt

SÉCHERHEET/GESONDHEET AN EISEN UERTSCHAFTEN

- Onbürokratesch a weiderhi séier Hëllef no Katastrophen: Iwwerschwemmungen, Stierm, Bränn...
- Adequat op Geforepunkte reagéieren, ggf. zesumme mat der Police, eisen „Agents municipaux“ (Pecherten) oder eiseim „Streetworker“
- Op ofgeleeë Plazen noutfalls eng Sécherheetsfirma astelle fir do präventiv virzegoen a ggf. eng Deseskalatioun vu geféierleche Situatiounen erbäizeféieren
- Verbesserung vun der Signalisatioun vun Defibrillatoren a Formatioune fir Jiddereen, och an der 1. Hëllef
- E „Centre médical“, resp. ee Gesondheetshaus géint Bezuelung zur Verfügung stellen
- Weiderbildungen, wéi z.B. „Santé mentale“, „Suizidpreventioun“ asw. fir Jiddereen ubidden
- Bei der CFL awierke fir ee Schallschutz laanscht hir Schinnen ze kréien

- improve the accessibility of our municipal infrastructures
- facilitate the integration of refugees and foreign citizens (language courses, invitation to local festivities, ...)
- allow people in need to participate in the activities of different clubs by taking over the membership fees
- promote and support volunteer work by all possible means
- continue supporting the solidarity economy as well as innovative projects such as “Eis Épicerie Zolwer”
- increase the offer of public bookcases and give-boxes
- make of the former church in Metzlerlach a meeting-place for everyone
- use neighbourhood mediation where it is needed

HEALTH AND SAFETY IN OUR VILLAGES

- guarantee fast and unbureaucratic help after catastrophes such as floods, storms, fires,
- identify the most dangerous places in our municipality and react accordingly, possibly even with the help of the police, our ‘municipal agents’ (“Pecherten”) or our street worker
- if necessary, hire a security company to act preventively in remote places and ensure de-escalation of potentially dangerous situations
- improve the signalling of defibrillators and offer training for everyone, including first aid courses
- provide, against payment, a medical centre or a health house (‘maison de santé’)
- offer training sessions for everybody concerning, for example, mental health, suicide prevention, and others
- work with the CFL to get sound insulation along their tracks



ENG LIEWEG

GEMENG

Eis Gemeng stellt sengen Awunner*innen, de Schoulen an de Veräiner déi beschtméiglechste Infrastrukturen fir Kultur, Sport a Fräizäit zur Verfügung. Och an dëse Beräicher wëll d'CSV eppes fir all Alter ubidden.

Mär trieden a fir:

A DYNAMIC MUNICIPALITY

Our municipality provides its residents, schools and clubs with the best possible kinds of infrastructure for their cultural, sports and leisure activities. The CSV wants to make sure that these infrastructures correspond to the needs of all generations.

We stand up for:

KULTUR AN TOURISMUS

- En „Artikuss“, deen eng attraktiv Programmation huet an och Plaz fir eis lokal Veräiner bitt
- Kultur fir Jiddereen unzebidden (z.B. duerch de Kulturpass)
- Adaptéiert Säll fir eis kulturell Veräiner
- En Zougang zu Museksschoulen
- An all Uertschaft en Theemewee ze konzipéieren (z.B. Sentier des mineurs)
- Méi Bicherschief opzestellen
- Eng « Marche culturelle » duerch eis Gemeng z'organiséieren
- An Zesummenarbecht mat de Gemengenarchiven an de Geschichtsfrënn Theemenowenter z'organiséieren
- E regionaalt Tourismuskonzept (Minett Trail, Kabaisercher...)
- Méisproocheg Informatiounsméiglechkeete (Panneauen, Flyeren...) fir Matbierger*innen an Touristen

SPORT & FRÄIZÄIT

- All Form vu Benevolat z'ënnerstëtzen
- De Kompetitioun- a Fräizäitsport fir all Alter weiderhin ze fërderen
- Weiderhin en Transport ze garantéiere fir d'Kanner an hir Veräiner (Sport a Kultur) oder Museksschoulen/Conservatoire ze féieren
- Ze préiwen ob e Sportsservice e Méiwäert bréngt
- Weiderhin e gudden Entretien vun eise Sportsanlagen, Parkanlagen a Fräizäitinfrastrukturen
- Trendsportarten (Teqball, Diskgolf...) weider eng Plattform ze bidden
- An all Uertschaft Plaze fir sportlech Aktivitéite ze schafen (Méigeneratiounespillplaz, Parcoursanlagen, (iwwerdeckte) Minispillfelder, Callisthenics, Motorikpark ...)
- Temporär benotzbar sportlech Angeboter z'erméiglechen an ze fërderen
- Fräiraim esou ze gestalten, dass se spilleresch zur Bewegung ureegen

CULTURE AND TOURISM

- an “Artikuss” with an attractive programming and also with room for our local associations
- access to culture for everyone (e.g. with the “Kulturpass”)
- adequate and adapted rooms for our cultural clubs
- access to the different music schools
- the creation of a theme trail in each village (e.g. ‘Le Sentier des Mineurs’)
- setting up more public bookcases
- organizing a cultural walk (‘marche culturelle’) through our municipality
- programming conferences on various subjects in co-operation with the municipal archives and local associations (e.g. “Geschichtsfrënn”)
- working out a regional tourism concept (Minett Trail, the “Kabaisercher”, ..)
- offering more multi-lingual information to our citizens and to tourists (flyers, information panels, ...)

SPORTS AND RECREATION

- supporting all kinds of voluntary work
- continuing to promote competitive and recreational sports for all ages
- continuing to guarantee transport for the children to their clubs (sports and culture) or to their music schools or the music conservatory
- checking whether a municipal sports service brings added value
- guaranteeing good maintenance of our sports facilities, parks and leisure infrastructures
- offering a platform to new sports activities (Teqball, Disc golf, ...)
- creating in each village places for open-air sports activities (multi-generational playgrounds, calisthenics, motor activity parks, small covered sports courts, ...)
- enabling and supporting temporary sports activities
- designing open spaces in such a way that they playfully encourage exercise and movement



EMWELT

Ëmweltpolitik ass sécher mat de wichtigsten Aspekt fir d'Zukunft vun eiser Zivilisatioun. Klimawandel, Klimaschutz, Energiewend, Energieeffizienz, schounend mat de Ressourcen ëmgoen... sinn Aufgaben deene mär eis musse stellen a Léisunge fanne fir den nächste Generatiounen e wüerdige Liewenskader z'erlaben. Nohalteg Entwécklung ass eng absolut Prioritéit.

ECOLOGY - ENVIRONMENT

Environmental policy is certainly the most important aspect for the future of our society. Climate change, environment protection, energy transition, energy efficiency, responsible use of resources... are tasks that we must face and find solutions for to grant the next generations a dignified living framework. Sustainable development is an absolute priority.

AN DËSEM GEESCHT WËLLE MÄR:

- An allen neie Gebaier, déi d'Gemeng baue wäert, op Fossilbrennstoffe verzichten
- Weider an de Gemengegebaier ausschliisslech „gréng Energie“ benotzen
- Souwäit ewéi méiglech Energie bei eis produzéieren, dofir d'Installatioun vu Solarpanneauen ënnerstëtzen an d'Konditiounen fir déi Installatiounen méi einfach maachen. Bierger*innen déi eng Baugeneemegung froe sollen de Solarkadaster gewise kréien an eng gratis Berodung zu dësem Aspekt kréien
- D'Bierger*inne sensibiliséieren fir en ëmweltbewosst Verhalten
- An neie Quartieren an Zukunft op d'„Fernwärme“ setzen an dofir déi noutwendeg Infrastruktur schafen
- D'Mülltrennung a Müllreduzéieren verbessern, andeems e Konzept fir all Appartementshäuser ausgeschafft gëtt, wou all eenzele Stot eng Iwwersicht iwwert säin Undeel huet
- Eng Strategie opstelle fir manner Offall an a Richtung „zéro déchets“ ze goen, e Konzept vun der Gestiou vun de Ressourcen opstellen
- D'Kreeslafwirtschaft férdere
- En oppenen Atelier fir Reparaturen schafen, wou Bierger*inne reegelméisseg Rotschléi kënnen kréien, respektiv gewise kréien, wéi „einfach“ Reparaturen ginn. Eisen Ëmwelt- a Bildungszentrum Matgesfeld wär déi ideal Plaz fir esou ee „Repaircafé“. D'Bierger*inne sollen do och kënnen Uarbechtsmaterial ausléien
- D'Klengdéierenhaltung an d'Gemeinschaftsgäert um Matgesfeld ënnerstëtzen a weider férdere
- D'Campagne „Krunnewaasser“ nei beliewen, Waasserspender goufen an all eise Schoulen an ëffentleche Gebaier installéiert
- Nohaltig Fleeg vum Bësch an d'Erhale vu schützenswäerte Biotope garantéieren
- D'Brillbaach am Kader vum „Contrat de rivière – Alzette“ sanéieren, de Problem vun den Déversoire léisen
- Liichtverschmutzung esouwäit ewéi méiglech limitéieren, op Foussgänger- respektiv Vëlosweeër gedimmte Bewegungsmelder installéieren
- Foussgänger- a Vëlosweeër, wéi am Mobilitéitsplang 2030 virgesinn, weider realiséieren a reegelméisseg botzen
- Oppasse wéi et mam Crassier Déifferdeng / Suessem weidergeet an allgemeng d'Norm vum Kaméidi an de Schuedstoff, déi vun der Industrie d'Ëmwelt an d'Bierger*inne belaaschten, iwwerwaachen
- Eis weider géint déi geplangten Ëmgéigungsstrooss vu Käerjeng asetzen, esoulaang d'Alternativen net ëmgesat sinn
- Am Klima- wéi am Naturpakt weiderschaffe fir e méi héije Prozentsatz z'erreechen. D'Klimatimeam an d'Naturteam begleeden e kloer definéierte Klimapaktaktionsplang
- Greenevents sollen d'Norm bei alle Manifestatiounen sinn, an d'Veräiner déi sech drun hale mat engem Subsid belount ginn
- Fir Energie ze spueren soll eng LED-Beliichtung d'Norm ginn
- Aktiounen géint Liewensmëttelverschwendung ënnerstëtzen (Foodsharing)
- Weiderhin eisen Engagement am Klima-Bündnis Lëtzebuerg an am Fairtrade Lëtzebuerg gerecht ginn

IN THIS SPIRIT WE WANT TO:

- give up the use of fossil fuels in all new buildings that the municipality will construct
- continue to exclusively use "green energy" in municipal buildings
- as far as possible, produce our own energy, by supporting the installation of solar panels and making the conditions for those installations easier. Citizens requesting a building permit should be shown an extract from the solar cadastre and, if they want, receive free advice concerning the installation of solar panels
- raise awareness among citizens for environmentally conscious behaviour
- promote urban heating in new residential areas and create the necessary infrastructure therefore
- improve waste separation and waste reduction by developing a concept for all apartment buildings so that each individual household has an overview of their share
- set up a strategy to reduce waste and go in the direction of "zero waste"
- set up a concept of resource management
- promote circular economy
- create a workshop for repairs open to everybody, where citizens can regularly receive advice or be shown how to do 'small' repairs. Our environmental and educational centre Matgesfeld would be the ideal place for such a 'repair café'. Citizens should also have the opportunity to borrow working material and machines
- support and further promote small animal breeding and the community gardens at the Matgesfeld
- campaign for the use of tap water ; water dispensers have already been installed in all our schools and public buildings
- ensure sustainable maintenance of our forests and guarantee the protection of our biotopes
- clean up the "Brillbach" as part of the "Contrat de rivière – Alzette" and solve the problems created by overflows
- limit light pollution as much as possible and install dimmed motion detectors on foot- and bike-paths
- continue implementing more foot- and bike-paths according to the Mobility Plan 2030 ; maintain and clean them regularly
- pay attention to the development of the 'Crassier Differdange / Sanem and generally monitor the standards of noise and pollutants the industry burdens our citizens and environment with
- continue opposing the planned bypass of Bascharage, as long as the alternative measures have not been implemented
- succeed in raising the percentage of achievements required by the climate and nature pact. The climate and nature teams accompany the realization of a clearly defined climate plan regarding the quantitative and qualitative objectives.
- 'greenevents' should be the norm at all events. The clubs and associations respecting this ecological aspect will be rewarded with a subsidy.
- continue replacing the current public lighting by LED lighting in order to save energy
- support actions against food waste (foodsharing)
- respect our commitments in the Climate Alliance Luxembourg (Klimabündnis Lëtzebuerg) and in the realm of fair trade (Fair Trade Lëtzebuerg)



MOBILITEIT

Wéinst der Bedroung vun der Immobilitéit duerch ëmmer méi iwverfëllte Stroossen, déi zu méi Stau a méi Ëmweltverschmutzung féieren, muss een ëmdenken.

MOBILITY

Due to the threat of immobility because of more and more overcrowded roads which lead to more traffic jams and environmental pollution, vital action is needed: we must redirect mobility.

DOFIR PLÄDÉIERT D'CSV FIR FOLGEND MESUREN:

- Weiderentwécklung an Ausbau vum lokale SUMP (Masterplan Mobilitéit Gemeng Suessem 2030)
- De PNM 2035 (Plan National de Mobilité) op déi beschtméiglech Manéier fir eis Gemeng ëmsetzen
- Besser Verbindungen tëschent den Uertschaften an eiser Gemeng
- Ev. de Ruffbus méi flexibel gestalten
- Op eng besser Koordinatioun mat der Ponts et Chaussées pochen: Verbesserung vu der Kommunikatioun, méi séier Beuarbechtung vu Projeten...
- De "Parking Résidentiel" an den Uertschaften, wann néideg, ausbauen
- Verkéiersberouegend Moosnamen an de Uertschaften
- Zone 30 virun de Schoulen: Zu Eilereng nach dëst Joer, Bieles-Post ass am Budget 2023 virgesinn, duerno de Scheierhaff, da Suessem..., all Joer ass eng weider Schoul virgesinn
- Sécher Trëppel- a Schoulweeër, resp. Vëlospisten
- Sensibiliséierungscampagnë widderhuelen (Zone 30, lues fueren, mobil Vitessemissungen...)
- Weider Verbesserung vun der Beliichtung vun den Zebrasträifen a weideren Ausbau op LED-Beliichtung
- Sensibiliséierungscampagnë fir méi dacks den öffentlechen Transport ze benotzen
- Bei der CFL awierke fir dass si hir Guare barrièrefräi gestalten
- Vëlosstänner an der ganzer Gemeng: et sinn der elo ronn 400 an der Gemeng
- Bestoend Vëlosweeër ausbauen an och weider iwwert eis Gemengegrenze vernetzen: de PC 8 ass bal komplett fäerdeg, d'Verbindung PC6-PC8 ass an der Maach...
- Selektiv Expansioun (duerch Bierger*innebedeegung) vum Vël'OK-System
- Erweiterung vun elektreschen Opluetstatiounen: et sinn der elo 16 am öffentleche Raum
- Progressiv digital Panneauen op de Busarrëten
- Car Pooling-Projet (z.B. CFL Flex) an eiser Gemeng ausbauen a fërderen
- Intelligent Mobilitéitskonzepter bei der Kreatioun oder dem Ausbau vu "Zone d'activités"

THEREFORE THE CSV PLEADS FOR THE FOLLOWING MEASURES:

- adaptation of our local SUMP ("Masterplan Mobilitéit Gemeng Suessem 2030"), taking into account the evolution of traffic
- implementation of the PNM 2035 (Plan National de Mobilité) in the best possible way for our municipality
- better connections between the villages of our municipality
- if possible, greater flexibility of the 'Rufbus'
- insisting on a better coordination with the 'Ponts et Chaussées': improvement of communication, quicker follow-up of projects, ...
- expansion of the 'residential parking' in our villages, if necessary
- traffic calming measures in our localities
- 30 km/h-zones in front of the schools: in Ehlerange, the works will be finished this year, in Belvaux-Poste the works have been planned in the 2023-budget; after that it will be the turn of Soleuvre and Sanem ... at the rate of one school per year
- safe walking paths, school routes and bike lanes
- further awareness campaigns concerning the 30km/h-zones, incentive for slow and careful driving, setting up mobile speed signs
- awareness campaigns for a more frequent use of public transport
- co-operation with the CFL to make all train-stations barrier-free
- expansion of our existing bike paths and connecting them with our neighbouring municipalities (e.g. the PC8 is almost finished, the connection between PC6 and PC8 is being finalized)
- putting up bicycle racks throughout the whole municipality (there are about 400 at the moment)
- selective expansion of the Vël'OK system (via citizen participation)
- improvement of the public lighting at pedestrian crossings and further expansion of LED lighting
- increase in the number of electric charging stations (currently there are 16 in public areas)
- progressive installation of digital signs indicating actual departure times at bus-stops
- expansion and promotion of a car-pooling project (like, for example, CFL Flex)
- planning intelligent mobility concepts integrating all needs during the creation or expansion of activity zones ("zones d'activités")



ENG GEMENG **FIR JIDDEREEN**

Eng Gemeng soll biergerno an effizient schaffen. Fir dëst z'erreeche soll d'Partizipatioun an alle Beräicher groussgeschriwwe ginn.

A MUNICIPALITY FOR EVERYONE

Municipal authorities must work in a citizen-friendly and efficient way. To achieve this challenge, civic participation has to take place in every realm and at every level.

BIERGER*INNEFRÄNDLECHKEET

- All Bréif oder Mail soll innerhalb vu 5 Deeg een „Accusé de réception“ kréien
- Ufroe sollen esou séier wéi méiglech behandelt ginn
- D'Rezeptioun ass déi 1. Ulafstell op der Gemeng. Perséinlech Froe sollen aus Diskretiounsgrënn am „Back office“ behandelt ginn
- Méi flexibel Öffnungszäite sollen ugeduecht ginn
- Online Demarchë solle vereinfacht ginn
- D'Prozedure vu Baugeneemegunge solle vereinfacht a méi séier gemaach ginn
- Eng nei aktualiséiert Bauhäremapp gëtt erstellt
- De Service vum „Ecrivain public“ muss besser bekanntgemaach ginn
- D'Barrièrefräiheet muss virugedriwwe ginn

INFORMATIUNSFLOSS AN DEMOKRATIE

D'CSV wëll:

- D'Internetsäit vun der Gemeng méi benutzerfrëndlech maachen
- De WhatsApp Grupp fir d'Verbreedung vun Informatiounen verstärkt nützen an iwwert d'Affäre vun enger App nodenken
- Bierger*inne sollen nach méi iwwert gréisser Projeten informéiert ginn. Bei gréissere Schantercher wäert eng Informatiounsversammlung am jeeweilege Quartier ofgehale ginn
- All Kéier wou et méiglech ass soll eng Bierger*innebedeelegung stattfannen
- De ganze Gemengerot soll iwwert zukünfteg Projeten um selwechte Kenntnisstand sinn, dëst duerch méi technesch Sëtzungen
- De „Kuerz a Knapp“ mat de Gemengerotsberichter kënn all 2 Méint eraus
- De Schäfferot hält säin alljärelechen Tour an all Uertschaft bäi fir iwwert aktuell an zukünfteg Projeten z'informéieren
- En innovatiivt Konzept fir den Empfang vun den neie Bierger*innen ausschaffen

CIVIC FRIENDLINESS

- every letter or mail should get an acknowledgement of receipt within 5 days
- requests should be treated as soon as possible
- as the reception desk is the first point of contact at the town hall, personal questions should be treated in the 'back office', for reasons of discretion
- more flexible opening hours should be considered
- online processes should be simplified
- the procedures to obtain a building permit should be made simpler and faster
- the guide to construction has to be updated
- the service of the "écrivain public" has to be made better known
- accessibility to all public structures has to be promoted continuously

INFORMATION FLOW AND DEMOCRACY

The CSV wants to

- make the website of the municipality more user-friendly for everyone
- use the WhatsApp group more extensively for the dissemination of information and think about the creation of their own App
- inform the citizens even more about major projects. In the case of construction sites, an information session will be held in the quarter(s) concerned before starting work.
- advocate citizen participation whenever possible
- keep the municipal council on the same level of knowledge about future projects, through more meetings with the technicians
- make sure that the "Kuerz a Knapp" with the reports of the council sessions is published every second month
- continue organizing in every village yearly meetings with the council of aldermen to inform the population about current and future projects
- develop an innovative concept for the reception of new fellow citizens



D'GEMENGEVERWALTUNG ASS FIR JIDDEREEN DO

Fir optimal an effizient ze funktionnéiere muss eng modern Gemeng:

- gutt ausgebilt a forméiert Personal hunn
- säi Personalschlëssel reegelméisseg iwwerpréiwen
- fir d'Wuelbefanne vu senge Leit a fir e gesond Uarbechtsklima suergen
- sech villfälteg opstellen (Paritéit vun de Geschlechter, gesetzlech Quot vu Leit mam Behënnertestatut...)
- der Digitaliséierung Rechnung droen
- och an Zukunft e realistesch a responsabele Budget opstellen
- wann Taxe musse gehéicht ginn (Stéchwuert Käschendeckungsprinzip) soll dëst a raisonnablen Etappe geschéien
- mat Verstand an nëmmen nohalteg Investissementer tätege fir eng stabil a laangfristeg Finanzlag ze garantéieren
- ugepasst a funktionell Infrastrukturen hunn

THE MUNICIPAL ADMINISTRATION AT EVERYBODY'S SERVICE

To function optimally and efficiently, a modern municipality has to

- have well-trained and formed staff
- check the staff-key regularly to see if the needs of the departments are met
- ensure the well-being of the staff and a healthy working environment for everybody
- achieve gender parity as far as possible and respect the legal quota of people with a disability
- adapt to digitalization
- draw up a realistic and responsible budget
- raise fees in reasonable stages if this turns out to be necessary (e.g. because of the 'polluter pays' principle)
- make reasonable and sustainable investments in order to guarantee a stable long-term financial situation
- have adequate and functional infrastructures



ENG NOHALTEG A LIEWENSWÄERT GEMENG

Fir d'CSV ass et wichteg:

- E besonnesche Wäert op de Klima-, Natur- an Ëmweltschutz ze leeën
- De PAG (allgemenge Bebauungsplang) an d'Bauterreglement reegelméisseg un déi neiste Standarden unzepassen
- De Charakter vun Duerfkäre beschtméiglechst z'erhalen
- Synergië mat der EHTL (École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg), déi sech am Suessemer Schlass néierlésst, ze sichen
- Gemengeneege Bauprojete virunzedreiwien (ë.a. fir sozial schwach Leit, intergenerationell Haiser, betreit Wunnen, Co-Locatioun...)
- A verschiddene Wunnquartiere „Spillstroossen“ anzeféiere fir e méi e respektvollen Ëmgang tëschent alle Verkéiersbedeelegten
- Attraktiv Plazen/Treffpunkte fir zesummenzekommen ze schafen, wa méiglech och mat enger klenger Restauratioun (Gaalgebierg, Pavillon Source Belval...)

A SUSTAINABLE AND LIVABLE COMMUNITY

For the CSV it is important to

- give particular importance to the protection of nature, the environment and the climate in general and to ensure measures to slow down climate change
- regularly adapt the PAG (general development plan) and the building regulations to the latest standards and requirements
- maintain the character of our village centres as much as possible
- seek synergies with the EHTL (‘École d’Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg’), which will be established in the castle of Sanem
- promote municipal building projects (e.g. housing for socially disadvantaged people, intergenerational houses, assisted living, flatsharing, ...)
- create in some residential areas so-called ‘shared spaces’ or ‘play streets’ (“Spillstroossen”), for a more respectful interaction with each other
- create attractive public places and meeting points, if possible with small catering facilities (Gaalgebierg, Pavillon Source Belval)



WEB



FACEBOOK



INSTAGRAM



suessem.csv.lu



[CSVsuessem](https://www.facebook.com/CSVsuessem)



[csv_suessem](https://www.instagram.com/csv_suessem)

CSV SUESSEM

B.P. 90
L-4401 Belvaux
suessem@csv.lu

